N°4176
Entrée le 03.06.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 03.06.2026
Chambre des Députés

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 03/06/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Justiz & Asyl weiderzeleeden.**

Verschidde Persounen, déi am Kader vun enger Demande de protection internationale hei am Land ukommen, hunn net ëmmer Kenntnisser vun de Kannerrechter. An de Flüchtlingsstrukturen komme Persounen aus verschiddene Kulturen a soziale Realitéiten zesummen, wou d'Wuel vum Kand aneschters gesi gëtt, wéi hei zu Lëtzebuerg. Esou kënnt et vir, dass verschidde Flüchtlingen einfach wëssen oder sech bewosst sinn, wat als eng Mësshandlung zu Lëtzebuerg gëllt a wat net.

Fir ee gutt Zesummeliewen hei am Land musse mer awer dofir suergen, dass all Flüchtling dës Mënscherechter a Flichten léieren a respektéieren, fir esou de Schutz vun de Kanner, och an de Foyeren, kënnen ze garantéieren. Mir si Fäll aus engem Foyer zougedroe ginn, wou mir aner Flüchtlingen, déi hei zesummeliewen, vu Mësshandlunge beriichten.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Kréien d'Asyldemandeuren, wann si an enger Flüchtlingsstruktur ukommen, d'Reegelen hei am Land erkläert betreffend de Kannerrechter?

2. Wéi eng spezifesch Schutz- a Kontrollmechanisme ginn et aktuell an de Flüchtlingsfoyeren, fir Kanner géint Gewalt ze schützen?

3. Ginn d'Mataarbechter an Assistants sociaux an dëse Strukture speziell forméiert, fir Fäll vu Gewalt géint Kanner fréi z'erkennen an ze mellen?

4. Wéi vill Fäll vu Gewalt géint Kanner goufen an de leschte fënnef Joer an Asyl- oder Flüchtlingsstrukturen un déi zoustänneg Autoritéite gemellt?

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

5. Wéi vill Mataarbechter sinn aktuell an de verschiddene Flüchtlingsstrukturen affektéiert, opgelëscht no Struktur?

6. Ass an alle Foyeren 24/7 eng Uspriechpersoun fir d'Flüchtlingen do?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten